

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 4. Mee 2021

Här President,


Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister an un den Här Sozialminister weiderzeleeden.

Aus der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 3796 geet ervir, datt 40 Prozent vun den Aarbechtslosen iwwer 30 Joer, zënter méi wéi engem Joer op der Sich no enger neier Aarbecht sinn, déi Leit, déi sech an enger Aarbechtsbeschäftegungsmoosnam befannen oder krank sinn, net matgerechent.

Duerfir géif ech der Regierung nach gär des Froe stellen:

- 1) Iwwer wéi eng Beruffsqualifikatioune verfügen des Leit?
- 2) Wéivill vun dese Leit verfügen iwwert e Lëtzebuerger Schoulofschloss, wéivill Leit iwwert en auslännesche Schoulofschloss? Wéi deelen sech déi net Lëtzebuergesch Schoulofschlëss no Länner op?
- 3) Wéivill vun dese Leit verfügen iwwer en Universitätsdiplom? Wéi ee Profil vun Diplom (Bachelor, Master, Human- a Sozialwëssenschaften, Naturwëssenschaften) ergëtt sech hei?
- 4) Wéi oft handelt et sech ëm Lëtzebuerger, Nët-Lëtzebuerger a Leit mat enger duebeler Nationalitéit?
- 5) Wéi deelen des Leit sech no Geschlechter op?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten